N°3325
Entrée le 10.12.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.12.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/12/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

An den USA an an anere Länner existéiert d'Méiglechkeet, bei engem Noutruff kënnen op e Videouruff ze wiesselen, fir datt d'Rettungsdéngschter d'Situatioun op der Plaz visuell kënnen aschätzen. Dëst ka besonnesch a kriteschen Zoustänn hëllefen, fir Verletzungen ze beurteelen oder Brandgeforen z'erkennen, soudass den Operateur um 112 direkt déi richteg Decisioune kann huelen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass et aktuell technesch méiglech, datt den 112 an engem Noutfall op eng Videokommunikatioun wiesselt?
2. Ass d'Aféierung vun enger Video-Noutruff-Funktioun (z. B. per Link, App oder Webbrowser) beim 112 geplangt? Falls jo, bis wéini? Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés